## PARAGLIDING – FLÉIEN AN DER GEMENG BIEKERECH

**Paragliding** - eng vun deene schéinsten Aart a Weisen der Sonn méi no ze kommen an d'Fräiheet nei z'entdecken. Am Aklang mat der Natur bitt dëse Sport d´Méiglechkeet, eng nei Dimensioun kennen ze léieren an d´Welt vun uewen aus der Loft ze betruechten.
Als neie Club an der Biekerecher Gemeng stellt sech den Cumulux Treuil Club vir, deen als Zil huet Paragliding och zu Lëtzebuerg doduerch z'erméiglechen andeem ee mat Hëllef vun enger moderner Seelwann de Pilot mat sengem Schierm op déi néideg Héicht bréngt, fir datt deen dann esou laang an esou wäit ewéi méiglech ka segelen.
Geplangt ass mat dëser Fräizäitaktivitéit nach dëst Fréijoer op engem Terrain tëschent Hitten an Näerden unzefänken, a mir freeën äis elo schonns op déi éischt Streckeflich an dëser Géigend.
En décke Merci un d'Baueren, déi äis et erlaben op hiren Terrainen z'opréieren.
Fir jiddfereen deen interesséiert ass dës faszinéirend Sportaart kennen ze léieren :
Kontakt : Rob van der Poel – GSM 621 229 703, Schweech oder www.cumulux.lu

## PARAGLIDING – VOLER DANS LA COMMUNE DE BECKERICH

**Paragliding** – une des façons les plus fascinantes de s'approcher du soleil et de découvrir la liberté. En harmonie avec la nature, ce sport vous permet la découverte d'une nouvelle dimension ainsi que de contempler le monde d'en haut.
Le Cumulux Treuil Club se présente en tant que nouvelle association dans la Commune de Beckerich. L'objectif du club est de propager le sport de parapente au Luxembourg et de donner la possibilité aux pilotes de s'élancer à l'aide d'un treuil moderne et de gagner ainsi suffisamment d'altitude pour s'envoler aussi loin que possible.
Nos activités de vol se dérouleront sur des terrains situés entre Huttange et Noerdange et nous remercions vivement les cultivateurs qui nous permettent d'opérer sur leurs terrains.
Tous ceux qui sont intéressés pour avoir plus de renseignements au sujet de notre sport fascinant pourront contacter: Rob van der Poel – GSM 621 229 703, Schweech ou www.cumulux.lu



Cumulux treuil club

# PARAGLIDING WEEKEND
# den 16-18 Abrëll

## Freides, de 16. Abrëll um 20 :00 Auer am Centre Nic. Bosseler zu Biekerech:

Virféierung vum präisgekréinte Film « REISE ZUM HORIZONT »




Dëst ass en Dokumentarfilm mam Ewa Wisnierska, Europam-meeschterin, a mam Dörte Schwarz , enger 69 Joer jonker Fra, déi wëll Gleitschirmfléie léieren. De Film gëtt op beandrockend Aart a Weis a mat wonnerbare Biller en Abléck an d'Liewe vun 2 aussergewéinleche Fraen, enger grousser Leidenschaft an d'Fro wat am Liewe wierklech wichteg ass.
De Film ass op däitsch (avec sous-titres français)
prix d'entrée : 5.-€

## Samschdes, de 17. Abrëll

De ganzen Dag iwwer wäerte mer, wann d'Wiederkonditiounen et erlaben, zu Hitten fléien.

**Um 18:00 Auer:** am Centre Nic Bosseler zu Biekerech
Virstellung vun eisem Treuil an eise Fluchaktivitéiten an der Gemeng Biekerech

**Um 19:00 Auer:** Nepalesesche Menu (vegetaresch) – Menu nepalais (végétarien) prix : 15.-€
Umelle kann ee sech iwwert Tel : 621392022 oder email: bechtrol@pt.lu, am beschten direkt a bis spéitstens den 12. Abrëll. D'Plaze si limitéiert!

**Um 20:00 Auer:** Paragliding Trek am Himalaya
Mat beandrockende Biller begleede mer de Roland Bechtold op senger Rees zu deenen héchste Bierger, an dat mat der Europameeschterin Ewa Wisnierska. Den Entrée ass fräi.

## Sonndes, den 18. Abrëll

De ganzen Dag iwwer wäerte mer, wann d'Wiederkonditiounen et erlaben, zu Hitten fléien.
**Fir Flora a Fauna net onnéideg ze belaaschten, biede mer Iech de Fluchterrain net ze betrieden mä vun der Vëlospist aus kann der eis gutt gesinn.**

Joer fleien zu Letzebuerg

www.cumulux.lu
Organisatioun: CUMULUX TREUIL CLUB a.s.b.l.